ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Mäerz 2019

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premier- a Kultusminister weiderzeleeden.

Am "Forum" vum Januar 2013 (op de Säiten 26 an 27) war en Interview mam deemolege Stater Buergermeeschter Xavier Bettel iwwer d'Kiirchefabricken. An dem Interview gouf den Här Bettel och gefrot: "...*Würden Sie den Bau neuer religiöser Bauten unterstützen*?"

An den Här Bettel huet geäntwert: "*In Zukunft möchte ich in Luxemburg prinzipiell keine ostentativ religiösen Gebäude. Sollte morgen eine neue Kirche gebaut werden, dann bitte ohne Kirchturm. Wenn morgen eine Moschee gebaut wird, dann ohne Minarett. Religion sollte mit nichts imponieren. Um sich als Gemeinschaft zu treffen, reicht ein Versammlungssaal. Die Moschee in Bonneweg besteht und funktioniert seit Jahren, auch ohne Minarett.*"

An dem Zesummenhank wéilt ech dem Här Premierminister dës Froe stellen:

1. Ass den Här Staatsminister nach ëmmer der Meenung, datt hie keng nei "ostentativ reliéis Gebaier" zu Lëtzebuerg wëll?

2. Deelt den Här Staatsminister déi Meenung, datt dat "Ostentativt" vun engem reliéise Gebai dacks eng vu sengen Haaptcharakteristiken ass, datt domat eng Relioun hire Gott wëll éieren an datt och eis Kultur a Konscht an hirem Wiese gepräägt si vun der Sich nom Schéinen an dacks och vum "Ostentativen"?

3. Wat huet den Här Minister mam Saz "*Religion sollte mit nichts imponieren*" gemengt? Kann zum Beispill déi moralesch Kraaft vum Chrëschtentum net per se schonn "imponéieren"?

4. Ass den Här Premierminister nach ëmmer der Meenung, datt, wann zu Lëtzebuerg sollt eng nei Kierch gebaut ginn, déi da kee Kierchtuerm däerft kréien? Ass den Här Premierminister der Meenung datt e Kierchtuerm zu Lëtzebuerg ire net géing an eis gewuesse jüddesch-chrëschtlech Kultur oder an eis Architekturlandschaft erapassen?

5. Fënnt den Här Bettel dee strikte Parallelismus a sengem Vergläich tëschent engem Kierchtuerm an engem Minarett nach ëmmer fir ubruecht a richteg?

6. Wéi stellt sech den Här Premierminister konkret zu där Fro vun engem Minarett fir eng eventuell nei Moschee zu Lëtzebuerg?

7. Ass hien, no deene villen Diskussiounen em Moscheeën an aneren europäesche Länner, ënner aneren och an der Schwäiz, der Meenung datt esou e Minarett géing an déi lëtzebuergesch Architekturlandschaft oder an d'Bild vun eisen iwwer Joerhonnerten gewuessene Stied an Dierfer erapassen?

8. Ass den Här Premierminister der Meenung datt, wann hien da vläicht aktuell sollt fir eng Moschee mat engem Minarett zu Lëtzebuerg sinn, vun dem Minarett aus kann e Gebiertsopruff an arabescher Sprooch, eventuell mat Lautsprecher, gemaach ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten